Luxemburg, den 10. November 2021

AS PART OF
ESCH-SUR-ALZETTE
EUROPEAN CAPITAL
OF CULTURE

STELLUNGNAHME ZUM REVISIOUNSTEXT VUM KAPITEL II VUN DER LËTZEBUERGESCHER VERFASSUNG

Rosa Lëtzebuerg asbl

BP 1037
L-1010 Luxembourg

info@rosaletzebuerg.lu
www.rosaletzebuerg.lu

RCS F287

LU48 1111 1287 3213 0000
CCPLLULL

Rosa Lëtzebuerg asbl
is proud member of

ILGA EUROPE

EPOA

TGEU
Transgender Europe

de JUGENDROT
CGJL

mat dësem Schreiwes schécke mir Iech eisen Avis zum proposéierte Revisiounstext vum Kapitel II vun eiser Verfaassung. An eiser Stellungnam befaasse mir eis mam Artikel 11, deen an der Haaptsaach Absätz enthält, déi fir d'LGBTIQ+ Community zu Lëtzebuerg vu grousser Wichtegkeet sinn.

Doriwwer eraus wëlle mir och vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir kuerz op den Zousaz-Avis vum Staatsrot vum 29. Oktober 2021 an déi doduerch entstanen Debatt ëm d'Anuerdnung vum Artikel 11 (4) anzegoen.

Wéi Dir eisem Avis enthuele kënnt, begréisse mir ausdrécklech d'Ophuele vum Recht op Familjegerënnung an deem Deel, dee subjektiv Rechter begräift. D'Grënne vun enger Famill ass eent vun den ureegenste Grondbedierfnesser vun de Mënschen an huet och fir d'Membere vun der LGBTIQ+ Community e ganz héige Stellewäert: d'Famill ass deen onmëttelbaarsten Uert, wou Persoune sech gebuergen an a Sécherheet fillen. Genee an deem Sënn versti mir och den Artikel 9 vun der Europäescher Grondrechtscharta.

Dëst weist net just wéi progressiv Lëtzebuerg ass, mee dréit dobäi enger geliefter Realitéit Rechnung: et géing de Reeboufamiljen net just eng fundamental Sécherheet, mee virun allem och déi Unerkennung ginn, déi nach ëmmer net iwwerall selbstverständlech ass.

Bezuchhuelend op den Interview vun der Madamm Rapportrice Simone Beissel, géinge mir Iech dofir bieden, dëst an Är Considerationen erafléissen ze loossen, wann iwwert d'Positioun vum besote Passus decidéiert gëtt.

de Conseil d'administration vu
Rosa Lëtzebuerg asbl